LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Développement durable
et des Infrastructures

Luxembourg, le 22 MARS 2017

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
23 MARS 2017

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement

Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L – 2450 Luxembourg

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire N°2795 du 23 février 2017 de l'honorable député Monsieur Fernand Kartheiser, concernant les critères linguistiques d'embauche de Luxtram S.A., tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

François Bausch
Ministre du Développement durable
et des Infrastructures

Aentwert vum François BAUSCH, Minister vun der nohalteger Entwécklung an den Infrastrukturen op d'parlamentaresch Fro n° 2795 vum 23. Februar 2017 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser

Den Här Deputéierten Fernand Kartheiser haett gaer Informatiounen iwert den Sprochengebrauch bei Luxtram.

Lëtzebuergesch ass déi Sprooch déi alldeechlech am meeschten vun den Mataarbechter bei Luxtram geschwaat gett.

Texter wei Gesetzer, d'Reglementer, Secherheetsbestemmungen an och d'informatesch Programmer laafen op franséisch.

An dësem Kontext, a fir d'Secherheetsufuederungen ze respektéieren, déi fir eng gutt professionell Kommunikatioun zwëschen de Mataarbechter vu Luxtram néideg ass, ass Franséisch als « operationell Sprooch » zréckbehale ginn. Dëst stellt d'Benotzung an déi rechtméisseg Plaz vun der Nationalsprooch a kengem Moment a Fro.

Luxtram S.A. ass eng Firma déi fir de Betrib vum Lëtzebuerger Tram zoustänneg ass. D'Aktivitéit vun der Gesellschaft gëtt vu strikte Regele betreffend d'Secherheet fir d'Mataarbechter an all déi Persounen déi um Tram oder am direkten Ëmfeld intervenéieren, souwéi d'Passagéier an d'Leit déi no bei der Linn wunnen oder schaffen. Des Regelen a Gesetzestexter déi se encadréieren, musse vun all de Mataarbechter vu Luxtram verstaane ginn. D'Erfëlle vun dëser Konditioun ass indispensabel fir dat jiddereen:

- D'Prozeduren déi hien applizéiert, versteet a sécher ëmsetzt
- D'Geräter, méi spezifesch déi informatesch, a senger alldeeglecher Aktivitéit ouni Gefor fir sech selwer oder seng Kollegen notze kann, an an der Lag ass an all Situatioun ze kommunizéieren, och a Krisesituatiounen.

Déi aktuell Reglementatioun an och déi zukünfteg, grad esou wéi all d'Autorisatiounen an déi administrativ Décisiounen déi dorausser entstinn, ginn haut op franséisch geschriwwen a veréffentlecht. D'Konsequenz ass, datt déi franséisch Sprooch déi operationell Sprooch vu Luxtram ass, am Sënn vum "Projet de loi" iwwert d'Secherheet vum Tram deen deemnächst an der Chamber voteiert gëtt.

D'Mataarbechter vu Luxtram staamen aus verschidden europäeschen Länner a sinn op Basis vun hire Kompetenzen an nëtzlechen Erfahrunge fir d'Realisatioun an de Betrib vum Tram agestallt gin. Dës Mataarbechter schaffe regelméisseg mat Fournisseuren, Bureaux d'Etudes a Firmen aus villen europäesche Länner. Si schaffen och am Alldag mat de Servicer vum Staat an der Stad Lëtzebuerg zesummen, grad esou wéi och déi intern Décisiounsstrukturen déi aus Lëtzebuerger Vertrieder vu den zwee ëffentlechen Actionnairen zesummegesat sinn. Dofir gi bei Luxtram vill Sprooche geschwat.

Op Grond vun hirer verschiddener Hierkonft, schwätzen d'Mataarbechter net onbedéngt all Lëtzebuergesch wann si bei Luxtram ufänken. Awer vill vun hinnen hunn sech engagéiert, oder wëlle Lëtzebuergesch léieren. An dësem Sënn ass Luxtram prett seng Mataarbechter ze encouragéieren, fir datt si sech kënne weiderbilden, an esou hir Praxis vum Lëtzebuergesche verbesseren.

Déi meescht Beruffer déi et bei Luxtram gëtt, notzen intern Prozeduren an aner Démarchen, déi op Franséisch si fir d'Secherheetsufuerderungen ze erfëllen. Dat ass besonnesch de Fall fir d'Mecanicienen, mee och fir d'Tramschaufferen, d'Regulateuren an de Management. Dofir ass d'Benotzung vun der operationeller Sprooch noutwendeg.

Bei Luxtram bezéien sech all d'Aarbechtsprofiller op déi verschidde Formatiounsniveauen an Diplomer, déi vum Erzéiungsministère ausgestallt ginn. Allerdéngs gi fir déi Posten och Erfahrung a spezifesch Kompetenze vun de Kandidaten erwaart. Fir déi beschte Profiller ze fannen, gëtt fir déi fräi Plazen eng Beschreiwung veröffentlecht, déi déi néideg Qualifikatiounen enthält, an och der Allgemengheet zougänglech ass.